N°1186
Entrée le 13.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.09.2024

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2024

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Wéi een an der Äntwert vun der deemoleger Regierung op d'parlamentaresch Fro Nr. 3703 vum honorabelen Deputéierten André Bauler noliese kann, huet sech d'Zuel vun den Aide-soignanten, déi hei am Land praktizéieren, tëscht 2012 an 2017 vun 3.073 op 3.644 erhéicht, wat engem Zouwuess vun 3,20 % entsprécht. Am gläichen Dokument gëtt ee gewuer, datt am Schouljoer 2017-2018 insgesamt 506 Schüler (bei enger Gesamtzuel vu 1406 LTPS-Schüler) amgaang waren, sech zum Aide-soignant ausbilden ze loossen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi vill diploméiert Aide-soignanten et aktuell zu Lëtzebuerg gëtt?
2) Kann den Här Schoulminister preziséieren, wéi vill Schüler säit 2018 (opgeschlësselt no Schouljoer) hir Ausbildung als Aide-soignant ofgeschloss hunn?
3) Leien der Regierung Zuele vir, wéi vill vun den aktuell praktizéierenden Aide-soignanten hei am Land wunnen a wéi vill vun hinnen (opgeschlësselt no eisen dräi Nopeschlänner) Frontaliere sinn?

Mat déiwem Respekt,

Schoos.

Alexandra Schoos
Deputéiert

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 1186 vum 13. September 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

*1) Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi vill diploméiert Aide-soignanten et aktuell zu Lëtzebuerg gëtt?*

Zu Lëtzebuerg hunn am Joer 2023 4.344 diploméiert Aide-soignanten praktizéiert.

*2) Kann den Här Schoulminister preziséieren, wéi vill Schüler säit 2018 (opgeschlësselt no Schouljoer) hir Ausbildung als Aide-soignant ofgeschloss hunn?*

**Tabell 1 : Unzuel vu Schüler déi zanter 2018 hir Ausbildung als Aide-soignant ofgeschloss hunn**

| | 2018/19 | 2019/20 | 2020/21 | 2021/22 | 2022/23 | 2023/24 | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **DAP** | | | | | | | |
| Aide-soignant | 97 | 70 | 77 | 84 | 67 | 60 | 455 |
| Aide-soignant adulte | 18 | 25 | 23 | 31 | 31 | 38 | 166 |
| Aide-soignant en cours d'emploi | 20 | 12 | 11 | 12 | 9 | 14 | 78 |
| **Total** | 135 | 107 | 111 | 127 | 107 | 112 | 699 |

*3) Leien der Regierung Zuele vir, wéi vill vun den aktuell praktizéierenden Aide-soignanten hei am Land wunnen a wéi vill vun hinnen (opgeschlësselt no eisen dräi Nopeschlänner) Frontaliere sinn?*

Déi follgend Statistike bezéien sech op d'Zuel vun praktizéierenden Aide-soignanten zu Lëtzebuerg tëscht 2018 an 2023. Eng Persoun gëtt als praktizéierenden Aide-soignant gezielt wann se fir dee Beruff eng *Autorisation d'exercice* vum Gesondheets- a Sozialversécherungsministère ausgestallt krut an och effektiv bei engem Employeur aus dem Gesondheetssecteur[1] zu Lëtzebuerg ugestallt ass oder bei engem Employeur zu Lëtzebuerg aus engem anere Secteur den Job als Aide-soignant ausübt. D'Residenz an d'Ustellung gëtt all Joer op den 31. Dezember gekuckt.

[1] Secteur NACE Q Santé humaine et action sociale

**Tabell 2 : Unzuel vun praktizéierenden Aide-soignanten zu Lëtzebuerg, opgeschlësselt no Land vun der offizieller Residenz**

| Land vun der offizieller Residenz | 2018 | 2019 | 2020 a) | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Lëtzebuerg | 1.986 | 2.036 | 2.060 | 2.148 | 2.177 | 2.197 |
| Frankräich | 902 | 951 | 1.005 | 1.051 | 1.095 | 1.129 |
| Däitschland | 710 | 724 | 744 | 747 | 787 | 799 |
| Belsch | 134 | 151 | 159 | 180 | 200 | 219 |
| **Total** | **3.732** | **3.862** | **3.968** | **4.126** | **4.259** | **4.344** |

*Quell : Regëster vun de Gesondheetsberuffer (RDPS), Datebank vun der sozialer Sécherheet, Berechnung IGSS.*

An der Tabell 2 kann ee gesinn, dass d'Zuel vun den praktizéierenden Aide-soignanten zu Lëtzebuerg tëscht 2018 an 2023 vun 3.732 op 4.344 erop gaangen ass (eng Erhéijung vun 16,4%). An der Tabell 2 kann een och liesen, dass am Joer 2023, 2.197 praktizéierend Aide-soignanten zu Lëtzebuerg hire Wunnsëtz hunn, dëst entsprécht 50,6% vun dem Total un praktizéierenden Aide-soignanten zu Lëtzebuerg. Am Joer 2018 war dëse Prozentsaz nach bei 53,2%.

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez